

Conférence de presse du 14 septembre 2023

Dossier de presse

1. Iwwerstonnen an Zäitspuerkont

Eleng am Enseignement secondaire goufe wärend dem Schouljoer 2021/22 pro Woch an der Moyenne 10.218 Iwwerstonne geleescht. Dat si ronn 370.000 Iwwerstonnen iwwert dat gesamt Schouljoer. **Dëse Volume entsprécht dem Equivalent vu knapp 500 Vollzäittâchen!**

Och an deene Schouljore virdu waren et laut offiziellen Zuele vum Educationnsministère net vill manner Iwwerstonnen:

	2017/18	2018/19	2019/20	2020/21	2021/22
Moyenne un Iwwerstonne pro Woch am ES	7.113	8.110	10.196	9.720	10.218

Dës „Iwwertâche“, déi d’Enseignanten heefeg vum éischte bis zum leschte Schouldag leeschte mussen, ass haaptsächlech der **chronescher Penurie** un Enseignantë geschëlt.

D’Enseignantë kënnen hir geleeschten Iwwerstonnen entweder op hirem Zäitspuerkont (CET) uspueren oder sech eng Indemnitéit dofir ausbezuele loossen. Beim Zäitspuerkont gëllt de Prinzip „1 Stonn fir 1 Stonn“, wat bedeit, dass een Enseignant, dee wärend engem ganze Schouljoer all Woch eng Iwwerstonn leescht, d’Méiglechkeet huet, fir spéiderhi wärend engem ganze Schouljoer all Woch eng Schoulstonn manner a senger Tâche ze hunn, ouni negativen Impakt op seng Pai. Notze kann den Enseignant seng ugespuerten Iwwerstonnen allerdéngs nëmme mam Accord vu sengem Direkter, wat sech an der Praxis opgrond vum Personal-mangel leider dacks als grouss Hürd erausstellt. Hei bässt sech d’Kaz an de Schwanz!

Am Géigesaz zum CET gëtt bei der Berechnung vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn e reduzéierende Facteur vu 36/52 applizéiert. Dëse Facteur – dee wärend der Stolkris Ufank

den 1980er Joren als Spuermoosnam agefouert gouf – bewierkt, dass de **Bruttoloun fir eng Iwwerstonn ongeféier 30 % méi niddreg ass ewéi fir eng regulär Schoulstonn**. Donieft gëtt den Enseignanten hir Zousaarbecht och nach **voll besteiert**. Wien – dacks onfräiwëlleg – méi schafft, an dat am Interessi vun der Allgemengheet, gëtt also **finanziell bestrooft amplaz belount!**

D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP huet a punkto Iwwerstonnen dräi kloer Fuerderungen:

- ***Iwwerstonne mussen op mannst d'selwecht bezuelt ginn ewéi regulär Schoulstonnen! Dofir muss de Facteur 36/52 an der Formel zur Berechnung vun der Indemnitéit fir d'Iwwerstonne gestrach an d'Besteierung vun den Iwwerstonnen ofgeschafft ginn! Wann d'Iwwerstonnen endlech ugemoosse bezuelt ginn, fëllen sech d'Zäitspuerkonte manner séier, wat längerfristeg e positiven Impakt op d'Penurie wäert hunn.***
- ***D'Demande vun engem Enseignant fir e Congé CET soll prinzipiell accordéiert ginn! Am Fall vun engem Refus soll d'Direktioun dëse schrëftlech genee begrënne mussen. Eng speziell agesate Kommissioun, an där nieft héije Beamte vum MENJE och d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP soll vertrauede sinn, soll spëtstens ab engem zweete Refus Fall fir Fall kënnen iwwerpräiwen.***
- ***Déi chronesch Penurie an déi domat verbonnen héich Unzuel un Iwwerstonne muss progressiv ofgebaut ginn! Dauerhaft kann dëst nëmme geléngen, andeems de Beruff vum Professor an allen Hisiichte méi attraktiv gemaach gëtt! Nodeems an deene leschte Joerzénge alleguer d'Karriären am Enseignement opgewäert goufen, ass et elo un der Zäit och déi vum Professor ze revaloriséieren!***

D'Fro vun der Bezuelung vun den Iwwerstonnen a vun der Notzung vum Zäitspuerkont hu mir selbstverständlech och alle politesche Parteie gestallt. D'Äntwerte vun de Parteie fannt Dir an de **Punkte 15 a 16** vum Dokument *“Wahlprüfsteng fir den Enseignement secondaire”* an der Annex zu dësem Dossier.

Am Kontext vun der Bezuelung vun den Iwwerstonnen an de Problemer beim Notze vum Zäitspuerkont hat och eisen Daachverband CGFP an hire Wahlprüfsteng änlech Froen opgeworf ewéi mir als FÉDUSE/Enseignement. D'Äntwerten heirop fannt Dir op Säit 33 vun der *„Sonderausgabe CGFP-Wahlprüfsteine”* vum Juli 2023, déi ënnert elektronischer Form um Internetsite vun der CGFP kann erofgeluede ginn¹.

¹ https://www.cgfp.lu/images/CGFP/cgfpcompact/pdf/temp/FP_278web.pdf

Zum ominöse Facteur 36/52, dee bei der Berechnung vun der Indemnitéit fir d'Iwwerstonnen applizéiert gëtt, huet d'DP der CGFP Folgendes geäntwert: „*Wie die CGFP hervorhebt, wird diese Regel seit langer Zeit in der Sekundarschule angewandt und ist ein konstitutives Element der Karriere des Sekundarlehrers. Die Legalität dieser Bestimmung wurde noch kürzlich durch ein Urteil des Verwaltungsgerichts bestätigt.[...]*“

Mir wëllen drop hiweisen, dass dës Duerstellung iwwerhaapt net der Wouerecht entsprécht! Effektiv haten eenzel Agente géint d'Uwendung vum Facteur 36/52 geklot, mee d'Gericht huet de Recours wéinst Formfeeler als net recevabel erkläert an dowéinst guer kee Jugement iwwert den Inhalt getraff. D'Dosinnsberechtigung vum reduzéierende Facteur 36/52 gouf also definitiv net vum Verwaltungsgericht confirméiert!

2. Rekrutement ënnert dem Statut vum Fonctionnaire

Mëttlerweil ginn am Enseignement secondaire Joer fir Joer méi Enseignanten ënnert dem Statut vum Employé rekrutéiert ewéi ënnert dem Statut vum Fonctionnaire. Eng vun den Ursachen heifir ass sécherlech déi staark Opwärtung vun der Karriär a vun den Aarbechtskonditioune vun den Employéën an deene leschte Joren, wat progressiv dozou gefouert huet, dass et manner interessant ginn ass, sech dem Examen-Concours mat uschléissendem vill méi exigente Stage ze stellen. Och d'Méiglechkeet fir d'Employéën sech no 15 Déngschtjore fonctionnariséieren ze loossen, ouni sech mussen dem Concours ze stellen, huet de Statut vum Employé zousätzlech méi interessant gemaach. **Well gläichzäiteg awer d'Fonktioun vum Professer iwwerhaapt net promovéiert gouf, huet d'Attraktivitéit vun dëser staark gelidden!**

D'FÉDUSE/Enseignement begréisst grondsätzlech d'Opwärtung vun der Karriär a vun den Aarbechtskonditioune vun den Employéën am Enseignement secondaire, woufir mir eis och agesat haten, well si virdru joerzéngtelaang a punkto Pai a Karriärsentwécklung diskriminéiert goufe par rapport zu den Employéën aus der Administratioun an der Fonction publique.

Duerch hiert Awierken op de Léier-, Erzéiungs- an Entwécklungsprozess vun deene kommende Generatiounen iwwerhuelen d'Enseignanten eng fundamental wichteg Roll bei der Gestaltung vun der Zukunft vun eisem Land a si mat entscheidend fir den Zesammenhalt innerhalb vun eiser Gesellschaft. Si agéieren an iwwerhuele Verantwortung a Beräicher vun nationalem Interessi, vergläichbar mat de Polizisten, den Zaldoten oder de Magistraten. Well een awer als vereedegte Beamten e bessere Kënnegungsschutz ewéi als Employé genéisst, kann ee méi onofhängeg, méi objektiv an och fräi vun eventuelle politeschen an hierarcheschen Aflëss an Interessenskonflikter ënnerriichten. Dëst dréit zur Qualitéit, zur Onparteilechkeet an zur Kontinuitéit vun der Educatioun an eisem Land bäi. Dofir ass

d'FÉDUSE/Enseignement der Iwwerzeegung, dass Enseignantë prioritär sollen ënnert dem Statut vum Fonctionnaire rekrutéiert ginn. Wärend dat am Enseignement fondamental och gréisstendeels nach de Fall ass, esou weist d'Tendenz am Enseignement secondaire entretemps awer kloer an déi aner Richtung. Et dierf een an deem Kontext och net vergiessen, dass d'Employéen am Enseignement secondaire eigentlech nëmmen als Tëscheléisung sollten agesat ginn.

Den Examen-Concours soll wichtege Bestanddeel vum Rekrutement fir d'Karriär vum Professor bleiwen. Dësen Exame stellt sécher, dass de Kandidat oder d'Kandidatin deenen nationale fachspezifische Qualitétsufuerderunge gerecht gëtt. Beim Rekrutement vun den Employéen existéiert dës Qualitétskontroll net. D'Beherrsche vun eisen dräi offizielle Landessproche muss donieft erëm ee méi wichtege Astellungskrittär ginn, och an den öffentlechen Europaschoulen.

- ***D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, gréisser Ureizer fir de Rekrutement iwwert de Wee vum Examen-Concours ze schafen. Dëst kann nëmme geléngen, andeems d'Karriär vum Professor an allen Hisiichte méi attraktiv gemaach gëtt!***

Ee ganz wichtege Hiewel fir d'Attraktivitéit vum Statut vum Fonctionnaire z'erhéijen, ass eng Reform vun der Affektatiouns- a Mutatiounsprozedur. Aktuell ass et nämlech esou, dass d'Employéen no hirer Periode d'initiation an deenen allermeeschte Fäll d'office an deem Lycée bleiwen, an deem si hire CDI ënnerschriwwen hunn, wärend d'Fonctionnairen no hirem gepackte Stage op ee vun den oppene Posten uechtert d'Land placéiert ginn. Dëst suergt heefeg fir Frustratioun bei de Fonctionnairen, déi dee méi beschwéierleche Parcours vum Rekrutement iwwert den Examen-Concours mat uschléissendem méi exigente Stage – um Enn vun deem si am Géigesaz zu den Employéen esouguer riskéieren aus dem Staatsdéngscht eliminéiert ze ginn – gewielt hunn.

- ***D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, dësem ongerechten an inkohärente Modus operandi direkt een Enn ze setzen! Dëst ka geléngen, andeems och d'Employéen an d'Affektatiouns- a Mutatiounsprozedur integréiert ginn, woubäi de Fonctionnairen da beim Besetze vun de Posten eng erhéichte Prioritéit zougestane gëtt! Déi kommend Regierung muss hei direkt handeln, andeems déi Proposen ëmgesat ginn, déi mir an deene leschte Méint mat deene Verantwortleche vum Educatiounsministère diskutéiert hunn.***

D'Fro vum Rekrutement am Allgemengen a besonnesch vum Stelleväert vum Fonctionnaire sinn dann och e wichtege Bestanddeel vun eise Wahlpräifsteng, mat deene mir déi politesch Partei konfrontéiert hunn. D'Äntwerte vun de Parteien op d'Froen zu dësem Sujet fannt Dir bei de **Punkte 17, 19 an 21** an der Annex zu dësem Dossier.

3. Promotionskrittären am ESG

Mat der Rentrée vum Schouljoer 2018/2019 goufen déi ënnescht Klassen am Enseignement secondaire général reforméiert. Zanterhier gëtt hei an den Haaptfächer Mathe, Däitsch, Franséisch an Englesch op zwee Niveauen (base an avancé) differenzéiert ënnerriicht a gepréift. **E ganz gewaltege Problem hu mir virun allem mat de Promotionskrittären op deenen ënneschte Klasse vum ESG.** Säit där besoter Reform avancéieren d'Schülerinnen an d'Schüler hei nämlech quasi automatesch, esouguer dann, wa si a just zwee Fächer iwuer 20/60 hunn. Wärend de Schüler an hiren Elteren duerch dësen automateschen Avancement dräi Joer laang Sand an d'Aen gestreet gëtt, lafen si spéitstens op 5^e an eng Mauer, wa si feststelle mussen, dass hinnen net méi vill Dieren opstinn, well si d'Admissionskrittäre fir vill Sektionen a Berufsausbildungen net erfëllen.

- *D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert méi streng a méi kloer verständlech Promotionskrittäre fir déi ënnescht Klassen am ESG. Am Fall vu schlechte Resultater soll de Conseil de classe d'Méiglechkeet hunn, jee no Situatioun eng obligatoresch Reorientatioun, oder aner pedagogesch Moossnamen, ewéi beispillsweis e Redoublement, auszeschwätzen. Dëst ass déi éierlechste an transparentsten Aart a Weis fir de Schüler an hiren Elteren ze weisen, wou si tatsächlech en cours de route stinn, ouni déi zukünfteg Orientationsméiglechkeeten no der 5G vun de Schüler vu vieren ze hypothekéieren!*

An eise Wahlpréifsteng hu mir d'Partei mat Froen zur Differenzéierung an zu de Promotionskrittären am ESG konfrontéiert. D'Äntwerte vun deene jeeweilege Partei fannt Dir an de **Punkte 7 an 8** am Dokument an der Annex.

4. Sozialdialog

Als national representative Syndikat fir den Enseignement secondaire ass eis e reegelméissegem Austausch mam Educationminister a sengen héije Beamte vun allergréisster Wichtigkeet. An eise Wahlpréifsteng (cf. Annex) hu mir déi politesch Partei gefrot, ob si d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP als Hauptverhandlungspartner ugesinn (**Fro 13**) an ob si sech dozou engagéieren, am Fall wou si de Minister vun der Education an / oder vun der Fonction publique an der kommende Regierung stellen, dass dësen sech mindestens eemol pro Trimester mat eis fir en Austausch trëfft (**Fro 14**).

Wärend jiddfer Partei d'Fro 14 zu eiser Zefriddenheet mat „Jo“ beäntwert, also engem reegelméissegem Austausch awëllegt, esou schreift d'DP dozou nach Folgendes: „D'DP kuckt

op eng exzellent Zesummenaarbecht mat allen CGFP-Gewerkschaften aus der Education an deene vergaangenen 10 Joer zeréck. Déi sëllegen Accorden, déi dobäi entstane sinn, temoignéieren dovunner. Fir d'Zukunft setzt d'DP dofir och weiderhin op eng privilegiéiert Partnerschaft mat de CGFP-Gewerkschaften."

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP kann dës Duerstellung vun der DP, déi jo säit Enn 2013 onënnerbrach den Educationminister gestallt huet, net emol usazweis bestätegen. An deene leschten zwou Legislaturperioden, also ongeféier 30 Trimester, koum et **nëmme ganz sporadesch zu engem richtegen Austausch mam Educationminister selwer**. Trotz eiser nationaler Representativitéit goufe mir ganz seelen am Virfeld ëm eisen Avis gefrot respektiv fréizäiteg a Reformprozesser mat agebonnen. Déi meescht Reuniounen hate reng informative Charakter an / oder hunn a grousser Ronn gemeinsam mat villen aneren Acteuren aus der Education nationale stattfonnt, an dëst meeschtens ouni Presenz vum Minister perséinlech.

Zu kengem Moment huet den aktuellen Educationminister mat eis als Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP iwwert wichteg Sujeten ewéi ënnert anerem d'Erhéijung vun der Schouflicht op 18 Joer, déi ëffentlech Europaschoulen, d'Schafe vun deene villen neie Sektioenen, d'Problemer op deenen ënneschte Klassen am ESG an an der Berufsausbildung, d'Aménagements raisonnables, d'Modifikatioune vum Kalenner fir d'Ofschlossexamen, déi chronesch Penurie un Enseignanten oder déi schlecht Bezuelung vun den Iwwerstonnen diskutéiert, an dat obwuel mir ëmmer erëm ëffentlech de Fanger an all dës Wonne geluecht hunn.

- ***Als national representative Syndicat fir den Enseignement secondaire fuerdert d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP vum kommenden Educationminister als Haaptuspriech- a Verhandlungspartner ganz enk an d'Educationspolitik mat agebonnen ze ginn. Dëst kann nëmmen duerch e regelméissegen a konstruktiven Austausch geléngen, bei deem mir net just duerch stellvertriedend héijer Beamten iwwer Faits accomplis informéiert ginn !***